



Groupe parlementaire

Depot: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

Interpellati^o au sujet des conséquences
des sanctions contre la Russie.

2

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

constatéiert, datt

- no den aktuelle Previsiounen vum IWF d'Welteconomie riskéiert an déi schlémmste Period zanter 30 Joer ze geroden an datt dofir déi ugespaanten, geopolitesch Situatioun, besonnesch och duerch de Krich an der Ukrain, an héijem Mooss mat verantwortlech ass;
- déi westlech Sanktiounen géint Russland, besonnesch am Energieberäich, d'Kompetitivitéit vun der EU, inklusiv och déi vu Lëtzebuerg, a Fro stellen;
- d'Sanktiounen d'Energiepräisser an d'Luucht driewen an domat och den allgemengen Inflatiousdrock erhéicht gëtt;
- den Inflatiousdrock eng Haaptursaach fir d'Erhéijung vun den Zësen ass;
- déi Entwécklungen zu Faillitten an der Industrie a bei klengen a mëttelgrousse Betriber kënnen féieren an domat zu méi Chômage an zu soziale Problemer;
- och zu Lëtzebuerg d'Konsequenze vun de Sanktiounen iwwe d'Verdeierung vun der Energie oder d'Wechfale vu Fournisseuren schonn zu Problemer bei der Industrie féieren;

ass sech bewosst, datt

- d'Sanktiounen déi politesch a militäresch Ziler, déi si bezweckt hunn, net erreecht hunn;
- si op breedem Plang ëmgaange ginn;
- si also ineffektiv sinn an nei Gefore fir déi Lëtzebuurger Ekonomie, zum Beispill fir d'Finanzplaz, mat sech bréngen;

fuerdert d'Regierung op,

- op internationalem Plang fir e séiert Enn vun der Sanktiounspolitik ze plädéieren.

Fernand Kartheiser